Diddeleng a schw. Zäiten

Evakuéiert aus dem Land kommen heem.

Nach dem deitschen Iwwerfall den 10te Mee 1940 sin eng Rei vun Uertschaften aus dem Süden vun onsem Land evakuéiert gin. Och Diddeleng. Vu Freides bis Meendes hun d'Leit sech freiwelleg siew et an d'Frankräich oder an d'Land eraa gerett. Meendes hun dunn dei preisesch Militär autoritéiten zwangsweis d'Evakuatioun vun deenen zu Diddeleng nach bliwwen Zivilisten verurdent. Vun Sengeldag un hatt deemno kéen Zivilist méi zu Diddeleng dierfe sin. Wien erwëscht gouf ass verhafft gin a kum an de Prisong an Stad.

Allerdings kruten bestëmmte Leit d'Erlabnes fir kennen während dëser Zeit zeréck ob Diddeleng ze kommen. Meeschtens mat Autoen fir Liewensmettelen aus hiere Butécken ze huelen.

D'Evakuéiert, egal wo se waren, wollten natierlech ëmmer wessen wat doheem geschitt ass a virun allem wéini sie nées heem kente kommen. Et kommen och Nowellen vun des Evakuéiert hapsächlech duerch dei Leit dei d'Erlabnes kruten, aus wat fir Grënn och ëmmer, kuerzfristeg an hir Heemechtsstad ze fueren. Et war deemno gewosst dass vill Häser ganz oder deelweis duerch Artillerie beschoss zerstéiert gouwen. Definitif waren dat méi wei 100 Stéck. Den Häserblock ronderem d'Epicerie Hifferh gett vu Granattreffer, duerch Feier an der Nuecht vum 13ten op de 14te komplett zerstéiert. Och den Häser Block Imprimerie Mey Tourneur – Quincaillerie Majerus gett komplett zerstéiert.

Ausser desen Immobilien Zerstéierungen a Beschiedegungen entstinn an enger vun Awunner verlossener Stad nach zousätzlech aner Problemer. Z.B. Iesswueren dei verdierwen. Hausdéieren dei ëmkommen; Kanéngercher dei net méi gefiddert gin; Villercher an hiere Käfegen – Katzen an Henn dei even issen usw usw. Ee also Zivilisten zeréck an eng Stad kenne kommen musse bestëmmte Viirkéierungen getraff gin. Ofgesin emol vun Abréch, Klauen an weider Beschiedegungen musse e Bewaachungs an Iwwerwaachung Kommando dohinner kommen. Well mir jo nom Iwwerfall keng Regierung méi bei eis haten war an der Chamber eng Regierungs: kommissioun agesat gin. Sie sollt dei lafend Staatsgeschäfter erleedegen.

duerch d'Preisen goung des Regierungskommissioun an Verwaltungskommissioun embenannt. Des Kommissioun hat dann och vis-à-vis vun de preiseschen Militär Autoritéiten d'Verpflichtung iwwerholl déi verloosse Stied iwwerwaachen ze loossen. Des weideren hätten och sollen des Verbrieffen néis bewunnbar gemaach ginn. Dat gefaulte Fleesch aus de Metzlereien ofttransportéiert a begruewe ginn; Dodeg Véi, Éselweecht, Hënn a Katzen. Buticker desinfizéiert. Strom, Gas a Wasser erem zu Verfügung stoen.

Dofir kum den 10 Juni, also genau e Mount nom Iwwerfall e Kommando vun der lëtzebuerger Freiwëllegekompanie op Diddeleng. Sie huet sech aus Gendarmen Zaldoten an Douanier'en zesumme gesat an an Gendarm Tauplin sengem Haus an der Gendarmerie gewunnt. Des Leit stungen ënnert dem Kommando vum deitschen Ortskommandanten. D'Madame Hold gouf ob Diddeleng geschéckt fir des Leit ze kachen. Nodeeg si Den Dag iwwer ware Patrullegäng, awer Nuets hu se missen dobanner (?) bäg sin. Firwat? Ass dann nuets net geklaut ginn? Oder waren dann déi sougenannt Meyeren ënnerwe'.

Den deemolege Scheffen Batty Liber war am Land evakuéiert an huet aus de Galerie a Schmelzarbechter e Grupp zesummegestallt fir zu Diddeleng opzeraumen.

D'Arbed huet och Leit geschéckt fir d'Fonktionnéieren vun der Schmelz néis a Betrieb ze setzen.

Och bestëmmte privat Leit kréien d'Erlaabnes fir kennen op Diddeleng ze kommen an d'Heemkommen vun den Awunner ze preparéieren.

Den 30te Juni déklaréieren d'preisesch Autoritéiten Diddeleng néis frei fir d'Zivilpersounen. Vun deem Datum un konnten also d'Evakuéiert néis heem kommen. Allerding waren schon d'Arbechtsleit Braueren virun dësem Datum doheem. Wann och net gefeiert gouf so war deech ewer jidderéen froh fir néis an seng Stad ze kommen. Mä fir huet munnech Iwwerraschung op sie gewaart. Fir déi eng war et méi Misär fir aneres Manner. Villes war zerstéiert, geklaut a verdreckt. Nodeem sech déi méescht emol richteg ausgekrasch haten, sin d'Hiewerämm erof gestoppt ginn, se wann décidéiert wo iwwerhaapt emol mat Schaffen unzefänke wär an et dann mat der Arbecht lass gaangen.

Obschon et Summer war han emol fir d'éischt missen d'Lächer an den

Déck provisoresch zougemaach ginn.

Den 10 Mee 1940 waren zu Diddeleng ronn 13700 Awunner. Dovunner waren der 11 000 an d'Frankräich geflücht an 2 700 an d'Land. Natierlech waren des Léscht méi no bei Diddeleng an et waren och déi éischt déi ierem doheem waren. Besonnesch déi déi en Auto zu hirer Verfügung haten konnten mat den Éischten zu Diddeleng sinn. Fir déi aner huet den Heemtransport missen organiséiert ginn. Och eng vun den Ursachen dass de 25 Mee eng Opfuerderung un déi Diddelenger ~~Populatioun~~ ergaangen ass woerannen et heescht dass déi déi an der Stadt an an der Emgéigend evakuéiert wären sech am ~~Lexel~~ Cercel aschreiwe solle loossen. Well vun ousen Gemengen a Schäfferot soss keen am Land bliwwe war wéi de Jean Theis an de Betty Lebas goufe ~~hinnen~~ sie Zwee vun der Verwaltungskommissioun mat dem Schäfferot ~~leblos~~ clargeléiert.

Den 30te Juni ass Kirmessonndeg, dat heescht dem lokalen Kalenner no, awer vu Kirmes keng Spur, fänkt dann dat offiziellt Heemkommen un. Genau wéi den 10te Mee no an no Diddelenger de Wee a Frankräich ageschloen haten an des Zuel ëmmer méi grouss ginn ass esou ass et och den 30te Juni an eng gekéiert Richtung ugaangen. ~~Pa~~ Ëmmer méi Leit sinn heem komm. Wéi scho gesot déi déi Autoen oder Camionetten haten konnten déi éischt sinn. Dour sinn déi mat de Veloen komm. Et gi dësen éischten Deel vun haut ofzeschléissen eng Episode ewéi se den Mierschen Em beschreiwt.

De Vicky Schmitz, haut sécher nach villen Diddelenger bekannte Bäcker, an och de Wee vun der Zwangsrekrutéierung huet misse goen, deemols 18 Joer al, kënnt viru séngen Elteren heem. An der Bäckerei ass nach Miel, awer ké Waasser. Dous dem Brunner beim Polettiaten helt hien Waasser a fänkt gleich un Déeg ze knieden a Brot ze baken.

Eng Kolonne vun 150 Mann ennert der Leedung vun der Bauverwaltung raumen vum 1 Juli un eind d'Stroossen an d'Plazen. An de Stroosse-Kulangen ass Gras gewuess. An de Gärt huet d'Onkraut Iwwerhand geholl. Do wou d'Fënsteren a Schiebele gange sin flatteren zerrissen an wäiss Ridoen.

Och eng vun den éischten offiziellen Missiounen war, all déi provisoresch begruewen Doudeger erem erauszehuelen, ze identifizéieren an Doudeleeden ze léin an ~~hun~~ Kirfecht ze definitif ze begruewen. Ohni dei welle komplett ze sin, erënnere mer awer drun wat an ouse leschte Sendungen schon beschriewe war. ~~Anwesende~~ Péischtsonndeg war d'Madame Albertine Fabiani - Beltrame a Gualtiero-Moriconi an Italien déidlech getraff gin ~~an provisoresch begruewen~~. ~~Beim~~ Vis-à-vis vum Café Hellers ware se provesoresch begruewe gin. Och am Spidols Gaart waren Doudeger begruewen ~~gin~~. Et waren de Mathias Heck, den Eugène Neurohr an d'Simone Müller. Sie waren nemmen a Leinduchen agewéckelt an um de Kapp ~~mat engem~~ en Handduch ~~agewéckelt~~.

Der Gendarmerie gett gemellt dass am Haus N° 65 an der Handelsstross eng Leich géiw leien. Et stellt sech eraus dass et d'Leich vun der Madame Jean-Pierre Brück ass. 80 Joer war sie al. Bei der Evakuatioun sécher vergiess an dunn aus Angscht, Honger an Duuscht zu Grond gangen ~~ass~~.

Wann een erem zu Doddeleng war huet é sech missen um Umeldebüro androe loossen. Dofir wësse mer dass bis den 15ten Juli erem 5090 Diddelenger doheem waren. Doërenner 900 Italiener an 213 Deitscher. Wé mer wessen waren vill Italiener am Quartier bliwwen an an de Gallerien Schutz gesicht ~~haten~~, bis d'Preisen och des Leit all forcéiert haten Diddeleng a Richtung Stad ze verloossen. Vunnu konnten och sie mol deenen éischten erem doheem si, genau wéi déi Deitsch déi jo net allgewëllt Interessen haten an d'Frankräich ze flüchten.

Vill vun deenen déi heem kummen hate kee Sou méi an der Tesch. Dofir huet de Schefferot déi mëttlerweil duerch de Buergemeeschter Thiel op 3 Persounen geblomme war 2 Vollekskichen opgemat. Et' eng am Pensionat déi aner am Gewerkschaftsheim. Hei konnten Honnerte vu Leit gefiddert gin bis sie méi ~~en~~ en normalt Akommen haten.

Während Diddeleng vun Awunner Bierger eidel war, ass trotzdeem geklaut a verschleeft ginn. D'Preisecoten ass wären d'Negere gewierecht! Kéi Wonner dass Muncher een wéi en ergem a sengem Haus war, Verschiddenes vermësst huet. Anerer hate Saachen déi hinnen net gehéiert hunt. Dofir sin sougenannten Fondbüro'en agericht gin. Een am Danzsal Rossi an deen aneren beim Wagner Tambrini. Vill Bettgezei Matrazen a Kessen gin heihinne bruecht ze warden op hiren Egentemmer. Grouss Plakate gin opgehaangen op deenen d'Leit opgefuerdert gin Saachen déi hinnen net gehéieren oder fond si gin op der Gendarmerie ze mellen. Et koum Komesch Figuren waren leider och emmer Wé an hu geméngt vun dëser Situatioun ze profitéieren a sech Saachen unzeeegnen déi hinnen net gehéieren. Gottseidank konnte se séier geschnappt an agelacht gin.

Vum 16ten Juli un huet och d'Post nees funktionnéiert.

Eis Spéitler Neis hun awer och vill Diddelenger trotz hirem Misère an Arbecht net lang gewaart fir hire Merci un d'Gemengen Diekirch, a Ettelbréck Rammeldang an aner gesdéckt do wo se während der Evakuatioun gud opgehuewe waren

Mir dierfen net vergiessen dass en dës Zeit de Krich nach net eriwwer ass. Zwar hat de Marschall Pétain den 22 Juni d'Waffestellstands bedingungen vum General Keitel ugeholl mä den General de Gaul huet dekleréiert de Krich geet weider. Och d'Englänner hun net un d'Kapitulatioun gedoecht. Dofir ass schons de 22 Juli en Uerder vun der Verwaltungskommissioun komm dass jiddereen vu Sonnenënnergang bis Sonnenopgang ze verdunkelen hätt. Dat heescht aus kengem Gebei, Haus oder Stall huet an där Zeit keng Luut dierfen no bausse lichten. Och d'Autoen a Camionen hun hir Luten missen dementspriechend verdunkelen.

Den 30te Juli feelen nach vill Diddelenger doheem. Déi meescht aus dem Frankräich. Trotzdeem fänkt d'Liewen nees no an no un gecl ze normaliséieren. Op der Schmelz ass ongeféier d'Halschent vun de Beamten nem do. Zirka 400 Arbechter schaffen ofwiesselnd 3 Deeg an der Woch. Doheem ass net fir jiddereen Arbecht. Fir e puer Su Mëttelenscht ze verdingen an och sécher eppes fir ot den Desch gin der bei de Bauer oder bei Wenzer schaffen.

Eng gut Noricht besonnesch fir eis Hausfraen kum den 31 Juli. D'Gaswierk war erem a Betrieb geholl ginn an op der Gasmaschin kunn d'Flamen erem geflackert. D'Kachmaschinen an aner provisoresch mat Holz oder Brikette gefeiert Kachplatzen konnten erem vergiess ginn.

Mä den 1. August war ee vun de schwäerzten Datummen an der Geschicht vu Lëtzebuerg. Net nemmen fir dei Evakuéiert mä fir d'ganz Land. Op Grond vun enger Veruerdnung vum deitsche Führer Adolf Hitler gett de Gauleiter Gustav Simon aus dem Gau Moselland Chef vun der Zivilverwaltung zu Lëtzebuerg ernannt. Wa bis dohinner d'preisesch Militärverwaltung sech net gewill em Populatioun bekëmmert huet setzt elo eng systematesch Verdeitschung vum lëtzebuerger Wiesen an. Se grenzt bal un d'Lächerlechkeet, wann op dier anerer Seit net d'Verskalvung gestanen hätt. D'Franséisch Sprooch gett direkt verbueden. Ké "Merci" a ké "Bonjour" méi. Ké Berrett méi. Wien dornadde erwëscht gett 100 Mark Strof. Esou wuel d'Virnimm wei och d'Familjennimm musse verdeitscht ginn. Ké Jean méi awer e Johann. Ké Roger awer Rüdiger. Jeanne gouw Johanna - Angèle gouw Angelika.

Boulanger gouw Becker Becker mat engem é awer net en ä - Dupont huet sech effes mat Bréckepfole misse loossen usw. usw

A besonnesch de Judden erguung et ganz schlecht: Schon vum September 1940 un erléisst de Gauleiter Gustav Simon eng ganz Rëtsch vun antisemiteschen Veruerdnungen. Ziel war d'Juden no an no ganz aus der lëtzebuerger Kommunitéit auszeschléissen, an hiirt Verméigen ze konfiszéieren. De 5 September verlaangt hien e Berufsverbot fir jiddesch Staatsbeamten, Dokteren, Zänndokteren, Affekoten, Veterinären an Apdikter. Awer Staatsbeamten hate mir zu Diddeleng ké Jud déi des Beruffer gemaat hat. Awer all hiirt Verméigen souwuel am Land wé am Ausland musse si deklaréieren.

Et war ké bekannte Judd aus der Evakuatioun an d'Frankräich nees zeréck op Diddeleng koum.

An eiser leschter Sendung hu mir besonnesch iwwert d'Heemkommen vun den Evakuéierten aus dem Land geschwat. Den nächste Meenden kucke mir wéi et mat deenen aus Frankräich war.